

Historiker an eis Identitéit

Datt Geschichtsspezialisten d'Joerhonnerte vun eiser Géigend, an domat och eisem Land, net all a scho guer net ëmmer dselwecht gesinn, ass jidderengem bekannt, deen sech mat hire Publikatiounen ofgëtt. Dat ass och iergendwéi normal, well **si hu jiddereen seng Ae fir sech ze dokumentéieren, ze iwverleeën an ze beschreiwen**. Eise Respekt si mir hinnen natierlech schëlleg... wat net heescht, datt een sech aus den Iwwerschnidungen ower och seng perséinlech Kuck a Meenung maache kann.

Quokeleg gëtt et d'meescht, wann e 'Spezialist' sech op eng onverantwortlech Fassong ausgerechent an enger weltbekannter Editioun wéi d'Rei 'Que sais-je ? / P.U.' erausléisst, deen emol besser hätt, sech d'éischt vru Leit wéi Herchen, Margue, Albert a Christian Calmes, Paul Weber, Trausch, Krier, Pauly, Haag an 'deer' nach an d'Bänk ze setzen.

Lëtzebuenger 'Identitéit' kënne mir souwiso eréischt vun do un ufänken ze ernimmen, wou et offiziell e Grand-Duché ginn ass (1815), do ower och nach nëmme zënter deer sougenannter Onofhängegkeet vun 1839, zerguttst ower vun 1867 un, wou eist Land no internationalem Recht en ofgesécheren eegene Staat guff an, 1890, mat dem Grand-Duc Adolphe säi Chef fir sech kritt huet, dem Ururgrousspapp vun eisem Grand-Duc Henri. Gewëss ass dat zimlech fest resumiert, mä et gëtt jo Bicherbutteker a Bibliothéiken, geldir...

Wou d'Historiker sech ower net sënnerlech iwverschloen, dat ass d'Roll vun eiser Sprooch fir d'Identitéit vum Land. Si hunn sech d'meescht an deem Streech net schlau gemaach. Am Frankräich, deem eelsten zentralistesche Staat heirëmer, fanne mir op d'mannst vum François Ier un den Zock, d'Kinnekräich iwwer eng Sprooch eleng zesummenzebauen an ze halen; dem Richelieu seng 'Académie Française' hat duerno als Fong keen aneren Zweck. Dat Däitschland, dat mir haut kennen, ass zum groussen Deel duerch eng Mëttsprooch entstan, deer hir Wuerzelen mir beim Luther fannen; et ass och keen Zoufall, datt dem Konrad Duden säin 'Urduden' 1880 ënnert dem Kanzler Bismarck, praktesch dem Grënder vum 'modernem Däitschland', d'Chance krut, iwwer d'Sprooch an hir Schreifweis ze hëllef, eng identitär Unitéit ze demonstréieren.

A bei äis?

Klorerweis hu mir vu virum **19. Joerhonnert bis op en etlech Spréchercher oder Sprooch-elementer aus notariellen Akten zesoen näischt Schrëftlechtes vun enger 'Lëtzebuenger Sprooch' opweises**. Wien hätt et geschriwwen a vu wem wier et gelies ginn?

No engem ëmmer erëm zitiereten Zeitungsartikelche vun 1824 fanne mir dann 1829 déi alleréischte Kéier eis Sprooch gedréckt an engem Buch vum Atoine Meyer; 'Buch' ass vill gesot: et waren nëmme 38 Säitercher, en Heftchen am Format vun enger Postkaart... mä et geet duer, fir de Mathematikprofessor Meyer als de Papp vun eiser 'Literatur' ze kucken an ze éieren (huet dir **d'Plack um N°3 an der Dräikinnegsaass/rue Chimay an der Stad** ewell gekuckt, déi mir vruen exakt 2 Joer do opgehang hunn?).

Wien dann op all Manéier téscht Zeile liesen an iwverleeën kann, dee kënnt -besonnesch als Historiker- dach net dolaanscht, **d'Roll vun eiser Sprooch fir eis Identitéit anescht ze behandle wéi mat der 'superbe du savant'**, an eis Nationalsprooch da just mat e puer 'Kollateralzeilen' ze sträifen. No engem François Gangler, dem Michel Lenz, dem Michel Rodange, dem C. M. Spoo, dem Nik. Welter, dem Isidor Comes, dem Lucien Koenig, deer ganzer Commissioun vum 'Institut grand-ducal', villen aneren an der Actioun-Lëtzebuergesch hir verstänneg Sprooch-Identitéits-Aarbecht vu 40 Joer bleift engem do just eent: Héiflech de Kapp ze rëselen! Sorry!

Dat muss net sinn.

Éierlech: **Wie vun äis rëtscht net alt emol an d'Däitscht oder d'Franséisch, wann et e bësse méi 'dichteg' soll sinn**. Beim Schwätzen ass dat ganz séier geschitt, fällt ower net apaart op. Wann ower geschriwwen gëtt, da 'pechen' déi Knätzelen, da kritt déi Uluecht méi eng laang Nues; nach vill méi, wann den Text eng Reklam soll sinn.

Firwat solle mir elo op eemol eppes an der Kichen '(mat Léift) zoubereeden'? Mir brauchen et och net onbedéngt ze 'preparéieren', well **et geet gutt mat 'maachen' duer**... eis Sprooch ass nun emol einfach; mir brauche wierklech keng aner, fir si wëlle méi blénkeg ze maachen; op deerselwechter 'Afeklunch' sëtzt iwregens och, dat glëtschecht däitscht 'hierstellen'. An deem Sënn deet et engem dann och e bësse Leed, wa mir vun eise Miseler Riewen elo sollen 'zum' Wäin aplaz **'bei'** de Wäin kommen... mir gi jo och net **'zum' Dokter**, net **'zu'** eisen Elteren oder **'zum'** Coiffeur, geldir.

Gutt!

An der Saison, wou zimlech vill Theaterstécker bei wibbelege Verainer iwwer d'Bühn ginn, begëne mir ewell en Ausdröck, deen ee soss net esou héieren huet, souzesoen en neit lëtzebuergesch Wuert: **eng 'PËSPERKËSCHT'**, ganz einfach a logesch mat zwee eiser Wierder zesummesat. Bravo! Mir flüstere jo net, da brauche mir och kee 'Flüsterkasten'.

Wann dann Ziedelen ënnert d'Leit ginn, fir si op en Theaterowend ze ruffen, muss dat och net onbedéngt erëm en däitschen Ausdröck sinn, wéi sech deer esou vill (zevill) eraschlafen: mat enger *Aluedung alueden*; virum 'Fernseh' war dat ëmmer **eng 'Invitatioun' an et guff 'invitéiert'**. Dat bësse Franséisch, wat d'Lëtzebuergesch a sengem 'Gesicht' huet, muss net systematesch **mat däitsche Plooschteren zougepecht** ginn... deer kréie mir mat 25 däitschsproochegen TV-Programme méi ewéi genuch eran a ginn hirer, wéi de Lorient d'Spaghetti a sengem flotte Sketch, net lass!

All Guddes fir dat neit Joer 2012!

Wënscht de Comité vun der AL de Membren,
Sympathisanten a Lieser:
genee dat, wat mir fir äis och vu Guddem erwaarden...
am 41. Joer zënter, datt et eis/är Actioun-Lëtzebuergesch gëtt.

EISES am Wantter!

Heiansdo ass et net vu Muttwëll, **wa mir äis froen, ob en Ausdröck wierklech typesch fir d'Lëtzebuergesch ass**: Dese 'Wantter' si mir jo net watderdäiwel mam 'Neelche' geplot, well den Thermometer bis elo nach knapps ënner Null gang ass.

Ower huet dir schonn dru geduecht, datt deen 'Neelchen' näischt mat enger anerer Sprooch ze dinn huet ewéi mat eiser? Am Däitsche fannt dir... 'Nagelspitzenstarre', zimlech komplizéiert, ower den 'Nägelchen' hat nach ni een zu Freiburg! D'Fransouse kommen do ewell méi no mat hirer 'onglée'; am Engleschen geet een ëmsoss dorëmmer bliederen. Intressant, oder net? Et kann een sech och froen, wéi si esou an Däitschland oder am Frankräich dorëmmer soen, wann si an der Keelt no hire **'Moule'** sichen... ouni dovun ze schwätzen, datt zolitt Kärele bei äis och d'meescht flappeg 'Moulen' hunn... déi an eng **'Boxmoul'** genge passen, déi bei äis ni eng Händsch, also ni e 'Boxhandschuh' war ☺

De Siegfrid an d'Melusina 2013!

Dëslescht war hei rieds vun den **1050 Joer zënter deem Akt mat 'Sankt-Maximäin' vun Tréier**, iwwer deen de Grof Siegfrid 963 de Stack-Steen vu Lëtzebuerg, an domat och zugudderlescht vun eisem Land geluecht huet. 1963 ass de 'MILLENAIRE' vum Staat a vun der Stad Lëtzebuerg super gefeiert ginn. Dat sinn ower elo 2 voller Generatiounen hier; et kann ee mat Recht drun denken, datt déi jonk an (ewell!) manner jonk Lëtzebuenger och eng historesch Souvenir-Feierlechkeet vun deem Geschichtsdatum zegutt hunn, vun deem Land, dat si ierwen an hiren eegene Kanner a Kandskanner weiderginn; mir 'Eeler' sinn hinnen dat schëlleg!

Mir hunn an deer Saach och nach **d'Chance, an deem Ëmfeld eng wonnerschéi Seechen ze fannen**, déi zwar Europa-wäit op munnech Fassonge verbreet ass, mä hei bei äis eemoleg! Si **verbënnt eng So, eng Legend, mat engem absolutt historesch-authenteschen Akt**... deen iwregens als *'Leihgabe'* vun Tréier am Archiv vun der Stad Lëtzebuerg versuergt gëtt. Do kann ee sech fir dat anert Joer vill afale loosse. Mir sinn amgaang!

Sou oder esou...

Natierlech ass et net genuch domat, ëmmer op deem erënzedenzen, wat kee Lëtzebuergesch ass, esou wéi mir dat esou gär (an och mat Recht!) iwwer d'Mikros-Sprooch maachen. Et kann een et och emol **vun der ëmgedréinter Säit** aus probéieren: Erauskruwwelen, wat dann u Spezifischem an eiser Schwätz oder Schreif ass... well mir hunn et nun emol ze liicht, Wierder aus anere Sproochen an d'Lëtzebuergesch eranzezéien, déi mir net brauchen... a mat deene mir eiser Ausdröck an de Motzeck stellen. Déi gaaaaaaanz Iwwerleeën hunn dann direkt hir Stempelen fir op esou eng Uluecht: Kierf, Hatten a Këschte voll; si schwätze vun 'al, museal, baureg asw.'... a weisen domat just, datt si eis Sprooch net kennen.

Da bedenkt emol iwwer déi Gedanken esou Ausdröck wéi *stuckelen, rëselen, trëllen, knätschen, trätschen, kniwvelen, hippen, knaschteg, verdrudelt, stënterlech* asw. asw.... an da probéiert dir, déi an en zerguttstert Däitsch, Franséisch oder Englesch ze setzen. Fir et op déi Fassong ze maachen hu mir vru Joeren, zu eiser 5, **Dausenden eiser manner oder méi typescher Ausdröck an engem Buch** zesummegegrä, dat fir eng zolitt Reserve dacks genuch gedréckt guff: **EISES!** Et kann een sech et esouguer als intressant Gesellschaftsspill virstellen; fir de Käppchen ass et op d'mannst esou gesond wéi 'Kreuzworträtselen' oder 'SUDOKU'. De Präiss? Dir kritt knapps eng Pizza fir déi Dosen €. Frot iech et an engem Bicherbuttek oder sproocht et bei äis op enger vun eisen Adressen hei uewen; déi international Buchnummer ass **ISBN-102-87989-038-1**

Eis Sprooch an der Press

WORT-TAGEBLATT-JOURNAL an RTL.LU

Dir huet elo d'KLACK N° 177 an der Hand... **bedenkt iech och alt emol, wéivill Bicher vun 300 Säiten dat gi wieren**... déi lescht 100 fannt dir ower op eisem 'Site' um Internet (www.Actioun.Sprooch). Fir *eis Sprooch op rtl.lu (ënner 'News')* ass a jidder *'Sonndeszeitung'* en Artikel (bis elo 146), an eemol am Mount den Haaptartikel hei aus der KLACK. Mir soen den Editeuren am Numm vun eise Membren, Frënn a Lieser dofir e waarme Merci!

Iwwregens: Mir froen a kréie keen Cent... si och net; et geet hinnen an äis em d'Saach!